# Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg

## Psychos



© Karin Feyen

14. Oktober 2025 | 18:30-20:30

Jugendherberg (Youth Hostel)
Esch-Uelzecht

De **Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg** ass eng aner Form vun Austausch a Verstoe vu Psychosen a riicht sech u Mënsche mat perséinlecher Erfarung, Familljen a Frënn aus hirem Ëmfeld a Professioneller aus dem Gesondheetsberäich.

Den Trialog huet keen therapeuteschen Usaz, mee ass e Forum fir e gläichberechtegten a respektvollen Austausch tëscht deenen ënnerschiddleche Gruppen.

D'Zil ass et, fir Virurteeler entgéintzewierken an zesummen en neit Versteesdemech an nei Weeër am Ëmgang mat Psychosen a psychiatreschen Erkrankungen ze sichen.

Wat beschwat gëtt, ass vertraulech. Et muss een net matdeelen, ob een e Betraffenen, eng Persoun aus dem Ëmfeld oder e Professionellen ass, fir um Trialog deelzehuelen.

*D'Haaptsprooch vum Trialog ass Lëtzebuergesch.*
*Dir kënnt Iech awer och op Däitsch oder Franséisch ausdrécken.*

*La compréhension du luxembourgeois est nécessaire. Vous pouvez cependant vous exprimer en français.*

*Das Verständnis der luxemburgischen Sprache ist notwendig, jedoch können Sie sich auch auf Deutsch ausdrücken*

# Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg
## Psychos

**14. Oktober 2025 vun 18:30-20:30**

Fillt Dir Iech ugesprach a sidd bereet Äert Wëssen an Erliewen an engem vertrauleche Kader ze deelen?

Dann zéckt net, fir beim Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg dobäi ze sinn.

Deelhuelen um Trialog ass gratis an ouni Aschreiwung.

Mir freeën eis op ee gemeinsamen Austausch.

## Wéini?

De 14. Oktober 2025
Vun 18:30-20:30 Auer

## Wou?

Jugendherberg Esch-Uelzecht
17, Bd John Fitzgerald Kennedy
L-4170 Esch-Uelzecht

## Nach Froen?

info@trialog.lu
+352 24 77 55-15 (Médiateur Santé)
www.trialog.lu

Dëse Projet op privat Initiativ gëtt ënnerstëtzt vum

Médiateur Santé

www.mediateursante.lu